

integréieren/assimiléieren?

vum Lex Roth

Mir hunn et an eisem Land mat **40 % auslännesche Matbierger** ze dinn; dat wieren an Däitschland an England (UK) ronn 32 Milliounen, a Frankräich 24 Milliounen, an der Belsch iwwer 4, an Holland iwwer 5 a fir d'Schwäiz iwwer 3 Milliounen Leit.

Wann een dat emol esou kuckt, aplaz nëmmen **dréche Prozenter** ze gesinn, da versteet een, datt eis Situatioun fir e Staat ganz sécher eemoleg op der Welt ass. Verrechent een och nach 120 000 «Frontalieren» an déi Iwwerleeung mat eran, da komme mir esou lues a lues bei «science fiction» eraus... mä et ass de Wouer, eng Wierklechkeet, déi mir einfach net sollen an d'äerfen iwwersinn... mir müssen dat iwwerdenken a verstänneg duerno handelen. Do spillen dann **d'Ënnerscheeder vun «Integratioun» an «Assimilatioun»** eng ganz wichteg Roll.



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Mir waren am 19. Joerhonnert en Auswanderer-/Emigranteland, aus deem ronn en Drëttel vun de Lëtzebuurger sech eng Existenz an der «Friemt» opbaue gaang sinn. Haut hu mir et (méi ewéi) mam Contraire ze dinn. Dat eent an dat anert war an ass net schlecht... et muss een et nëmme richteg kucken. Eis Leit hunn an der Zäit «eng Kuuuscht» gebraucht; dann ass et normal gewiescht an och haut grad esou logesch, datt Leit aus anere Länner hirt Liewen zu Lëtzebuerg wëllen/musse maachen. **Si brauchen äis... ower mir müssen si och hunn!** Problemer gëtt et ëmmer nëmme mat der «Form». An zu deer «Form» gehéiert natierlech eis Sprooch(e)situatioun.

Huet emol un, dir wëllt/musst enges Daags a Spuenien dorower schaffen a lieue goen. Do kommt dir an aner Liewesgewunnechten eran, an dir probéiert verstännegerweis, iech och, am Sënn vum Ausdrock, «eran ze liewen», an zwar mat allem, wat dat heescht. Dir maacht souzesoe bei deem «mat», wat iech gefällt oder wat dir brauch; dir fänkt och un, är puer Wuert Spuenesch an d'Rei ze kréien, well soss knapps een iech versteet... an dir mierkt, datt et ëmmer besser geet; dir winnt iech un de spuenesche Kascht, un hirt Gedréns, un hir Dag- an Nuechtgebräicher a -Gewunnechten... dir sidd amgang, iech ze integréieren! Wéi wäit dat geet, dat hänkt net nëmme vun iech, mä och vun hinnen of. Do muss da jiddereen seng kleng Schrëck op deen aneren duer maachen, wat kloreweis net ëmmer esou «afeg» ass; dat sief duerch iergend eng Staut, eng Verbruetheet, eng Meenungsverschiddenheet, e klengt Gebutteks, eng perséinlech Reiwerei... oder (d'meescht) soss eng Eefällegkeet. No an no, a vrun allem duerch d'Sprooch, lieft dir iech ower eran, vläicht eng Kéier esou wäit, datt dir alt emol ufänkt op Spuenesch ze tieren an ze dreemen! Dat ass dann Integratioun! Ower dir wäert iech knapps jeemools als Spuenier fillen, well är Wuerzele ganz einfach net do gestack hunn. Wann dir ower do bleift, är Kanner da mat spuenesche Komerode spillen, an d'Schoul ginn, der stichten an sech ameséieren, dann ass d'Assimilatioun net méi esou wäit. Déi maache Wuerzelen, well si (op all Manéier) op deem neie Buedem «gekéngt» hunn a gewuess sinn. D'Kandskanner sinn da praktesch dselwecht ewéi d'Spuenier... an «dselwecht» heescht am Latäin «simile», woumat mir bei «asSIMilatioun» sinn.

Dat ass nëmmen e Beispill. Mä wéivill deer Fäll hu mir dann no 3 bis 4 Generatiounen hei am Land! Besonnesch aus italiénescher Ofstamung, mä och ewell mat deer 3. Generatioun aus portugisesche Wuerzelen. Dofir brauch/soll/däerf et äis net Angscht fir d'Zukunft vun eisem Land an der Natioun sinn... et sief dann, mir vergiessen d'Roll vun eiser Sprooch bei deer ganzer Problematik vu... 40 % auslännesche Bierger an 120 000 Grenzgänger!

Ceterum censeo... (10)

Dir wësst, datt mir äis mat dem Uleiës vun eiser Sprooch an der Constitutioun net ginn. An der Spezialcommissioun vun der Chamber sinn nach just 2 Leit, déi fir hiren Accord en Hoer an der Zopp fannen... nach méi dënn ewéi dënn. **Si froen sech, watfir juristesche Problemer d'Ernimme vum Lëtzebuergesch an eisem Grundgesetz kënn bréngen.** Beispiller w.e.g.!

Mir sinn a bleiwen an deer Saach ganz fein an ziviliséiert, well mir keng parteipolitesch Zermeschterei draus wëlle maachen. Wat ower fir eng Fändelgeschicht oder esouguer fir e 'Muppegesetz' méiglech ass, dat kënne mir natierlech och... mä dann **zesumme mat alle patriotesche Federatiounen**, deenen hir Membre jo queesch duerch all Parteie ginn. Loosst mer just hoffen, datt et net esou wäit brauch ze kommen.

wäert a wäerten...

dat ass kee Futur, wéi mir en op déi Manéier mat Hëllefverb am Däitsche kennen. Am Lëtzebuergesche gëtt de Futur weder, wéi am Franséschen duerch eng 'Endung' nach wéi am Däitschen, Engleschen oder Nidderlänneschen duerch en 'Hëllefverb' (ich werde... I shall... ik sall) ugedeit. Wéi a villen anere Sproochen op der Welt läit d'Iddi fir **de Futur am Lëtzebuergesch an engem klenge Wuert oder am sougenannte Kontext:** herno... mar... déi aner Woch... dat nächst Joer... an enger Stonn asw. Et ka jo mengerwäreg kee soen, mir hätten äis nach net ëmmer prima sou verstan.

Wa mir mat 'wäerten' oder 'wäert' operéieren, dann dréckt dat zwar och e Futur aus, ower d'meescht am Zesummenhank mat enger Bestëmmtheit, mat eppes, wourop ee sécher ka sinn: *ech wäert kommen* = ech komme ganz sécher; *ech wäert dir et soen* = ganz bestëmt soen. Et geet also hei vrun allem em de Sënn vum Saz an net esou streng em d'Zäit.

eise VAUBANG

Apaart an deem **VAUBAN-JOER, dat am Frankräich mat Recht grouss gefeiert gëtt**, brauch een sech net déif an d'Geschicht ze knéien, fir ze wëssen, wat dee geniale fransésche Festungs-Baumeeschter fir eis Hauptstadt bedeit... spadséiert an der Péitrus ënnelaanscht an duerch de Gronn a Clausen, da kritt dir eng Iddi vun senger Wichtegkeet fir äis.

Vläicht kommt dir dann och am Pafendall **«um VAUBANG»** laanscht, deem dem Buch vum Adel Weis säin Titel ginn huet... e genëssegt Buch an eiser Sprooch, dat sech an engem Siess liest ewéi «Zitz». Do kritt dir vun engem gebuerene Clausener Erzieler eng 100 % authentesch Iddi vun de Leit an hirem Liewen em 1900 «do ënnen», vu Stad-Deeler vun deenen der e sëllegen mat gerentschelter Nues gebraddelt hunn an nach haut net intelligent schwätzen.

Eist Buch **«um Vaubang»** ass ewéi e Film... deen dir iech praktesch selwer maacht, ouni TV a Kino. Dir kritt et am Bicherbuttek oder op eisen Adressen... 175 Säiten / 15 €!

«e Gesuch fir eng Genehmigung»

Éierlech gesot, wéi fannt dir esou en **opgeblosent Gedéngels** ewéi dat hei: *Si hu Récksprooch iwwer e Gesuch fir eng Baugenehmigung ze erdeele geféiert*. Dat kënn ee vir ewéi eng (däitsch) Jaddermunnes, déi mat hire lächerlech gakege Been iwwer eng Fënster wackelt.

Ass et net méi einfach a méi klor, wann op en normaalt Lëtzebuergesch do steet, si hätten iwwer eng Demande geschwat fir eng Bau-Erlaabnes-/Permissioun ze ginn. Dir kënn elo soen, 'Demande' a 'Permissioun' wieren och net Lëtzebuergesch, ower et spiert een dach, datt et besser **an de Floss vun eiser Sprooch era passt**... et seet jo och keen, dat d'äerft een net op déi éischt Fassong formuléieren, ower et kann ee jo ower emol eng Grimmel iwwer Sprooch-Gefill nodenken, z. B. och driwwer, datt mir den Zock hunn, onnëtz zevill Däitsch an d'Lëtzebuergesch eran ze huelen. Muss dat sinn? Absolut lächerlech wierkt déi gebeemte *Récksprooch*; firwat gëtt et dann net och nach eng *Bauchsprooch*.

Vläicht ass dat Ganzt och nëmme fir 'gutt ze maachen', esou op d'Manéier wéi en Dierwiechter an enger Annonce (jo och net eng *Anzeig!*) glënnert *Il résulte d'un exploit de mon ministère que...* dat ass alles fir deene Sand an d'Gickelcher ze reiwen, déi näischt dovu verstinn. Oder fir datt si Respekt (Angscht) kréien. Dofir ass eng Sprooch net do!

■ H.M.

Eng wonnerbar Saach

Eis Sekretärin, d'Madame Jeanny Friederich (hiren E-mail steet hei uewen an der KLACK) huet e ganz gudd Bestel-Kontakt mat enger englescher Firma, déi sech **fir Sproochen ze léieren op elektronesch Material spezialiséiert** huet... och Lëtzebuergesch! Wien e PC huet, kann sech do op eng immens flott a pädagogesch intressant Fassong an iergend eng Sprooch eraschaffen... egal vu watfir enger Sprooch erfort; et sinn der bis elo 141!

Déi CD-ROM ass eng «interaktiv» Method, mat deer ee léieren a sech selwer verbessere kann. Dir huet zwou sympathesch jonk Persoune um Schierm, déi iech e Wuert oder e Saz esou dacks däitlech soe wéi dir wëllt. D'Grammaire ass ganz lussseg – a besonnesch net fad an dréchen – am Weiderlafe vun den Texter verstoppt. Et kann ee roueg behaupten, datt dësen **EuroTalk/interactive-CD-ROM** vill méi séier eppes bréngt ewéi munnech e mëttelméissegen Owescours. Wat dee 'Spaass' kascht?... Manner wéi zu zwee e 'Fouer-fësch' iesse goen!

Muss dat sinn?


Mir brauchen net laang nozedenken, fir eraus ze fannen, wou dat schéint neit lëtzebuergesch Wuert «lecker» hierkënn... et ass esou iwwerflësseg wéi e Kréienan. Wann eppes gutt schmaacht, dann ass et bei äis ganz einfach «gutt, guttsi, guddiguddi...» dat «lecker» passt an eis Sprooch wéi e Suedel op e Mubauz!

Wou? Wat?

Hei da wéi versprach emol rëm eiser Rätsel-Photoen eng (mir passen äis deem **F** aus dem Däitschen net och nach un, zemol well si zwar 'Geografie' ower net konsequent 'Filosofie', 'Fotosintese', 'Ortografie' asw. schreien. Och d'Bild vun eiser lëtzebuergescher Schreifweis spillt eng psychologiesch/psikologiesch? wichteg Roll.)

Schéckt äis **är Äntwert bis e Méindeg, 13.00 Auer** eran, a sot äis, watfir eent vun eise Bicher dir am léifsten hätt.

(PHOTO: MV.)



den ASTI-Badge

kënn net esou gutt un, wéi een sech dat giff denken. Mir haten dëslescht heiriwer rieds an hunn och proposéiert, äis iwwer d'Ursach dovun emol zesummenzesetzen. Bis elo waarde mir op eng Äntwert vun den ASTI-Frënn.

D'Madame Irène Hoffmann-Felten vu Riedgen huet äis doriwwer en intressante Bréif geschriwwen: Si gëtt lëtzebuergesch Coursen a weess aus der Praxis, datt hir Leit guer net esou héich fir e Badge mat *«ech léiere Lëtzebuergesch»* an d'Luucht sprangen. Firwat? Mä well mir ze séier mat hinne schwätzen an hinne keng Zäit genge loossen, fir ze iwwerleeën. Et giff och nach dobäi kommen, datt mir direkt op Franséisch virufieren, wann een äis net gläich flësseg op Lëtzebuergesch äntwert. Dat ass ganz sécher net falsch, well mir jo och am Allgemengen ze séier ënnert äis schwätzen, Silben an esouguer ganz Wieder «verschlécken»... mir «artikuléieren» net: Mir maachen de Mond net op, d'Zänn net auserneen, «knujelen» a knätschen alles uneneen: *dasowerëmmeramënneschtenaarm*. Do ass et bal net denkbar, datt een eppes matkritt, a scho guer net, datt een eppes vun eiser Sprooch léiert. Um Badge misst jo da bal stoen: **schwätzt w.e.g. däitlech mat mir**.

D'Madame Hoffmann seet dann zugudderlescht: *Et wier vläicht emol gutt, wa mir äis selwer géife rëselen an hinnen eng Chance ginn... vläicht géif et da mam Badge klappen*. Eis Korrespondentin huet recht... a mir soe merci!

■ P.W.